

Un déi Jonk vu *Fridays for Future*: D'Wëssenschaft ënnerstëtzt iech!

Positiounspabeier vun de Wëssenschaftler*inne vun der Universitët Lëtzebuerg

Déi Ënnerschreiwend, Wëssenschaftler*inne vun der Universitët Lëtzebuerg, wëllen heimat hir Ënnerstëtzung fir *Fridays for Future* weisen. Wëssenschaftlech Fakte beweisen: Déi mënschlech Auswierkungen op d'Klima si reell an de Verfall vun natierleche Ressourcen, souwéi d'Verschmutzung sinn e Risk fir d'Gesondheet an de Fortbestand vun diverse Liewensformen, och fir de Mënsch.

D'Schüler*innen a Student*innen hu Recht: An eisem Zäitalter, dem Anthropozän, huet d'Mënschheet drastesch Afloss op de Fonctionnement vum gesamten Äerdsystem geholl. Et ass dréngend noutwenneg, de Schutz an d'Erhale vun der Biosphär an der Atmosphär als Prioritéit ze setzen. Dëse Schratt bedeit eng präzis Analys vun de sozio-politeschen an ekonomesche Bezéiunge vu Muecht an (On-)Gläichgewiicht, wéi och vum ënnerschiddlechen Zougang zu Ressourcen a Wëssen, déi dës mat sech bréngen.

De Klimawandel wäert de biophysikaleschen a sozio-ökonomeschen Drock weider verstärken. Fir dës Effekter ofzeschwächen, muss d'Zäregaser staark reduzéiert ginn. Fir d'Erhalen an de Fortbestand vun der Aartevilfalt ze garantéieren an eis Ökostemer ausgeglach ze halen, musse mir eis Wirtschafts- a Politikmodeller, wéi och eis perséinlech Aart a Weis ze liewe vu Grond op iwwerdenken an ufänken ze handelen.

Op der Universitët Lëtzebuerg behandle mir dës Erausforderungen an eiser Recherche an an eise Coursen. Dës leeën de Fokus op prominent Problemer wéi Klimawandel, Ëmweltschied, sozial Ongläichheet, wéi doriwwer eraus och op d'Aufgabe vu lokaler oder regionaler Entwécklung (fir weider Informatiounen: <https://www.uni.lu/sustainability>). D'Wëssenschaft spillt eng wichteg Roll, wann et drëms geet, fir Analysen, Kritik, Experimenten, Beobachtung a Reflexiounen bäizetroen.

Dës Problemer kënnen an hirer Breet nëmme geléist ginn, wann d'Wëssenschafte vun Natur, Technik, Gesellschaft a Geeschteswëssenschaften enck zesumme schaffen.

D'Sciencë schaffen un Innovatiounen an de Beräicher erneierbar Energie, Energieeffizienz, Waassermanagement an nohaltegem Bauen. Doriwwer eraus gi Verännerungen um globale Mieresspiegel, der Äerdkrust an der Atmosphär enregistriert.

An de Sozialwëssenschaften ënnerriichten a leede mir d'Fuerschung an den Domäne vun urbaner a regionaler Entwécklung, Raumverdeelung (*spatial justice*), nohaltege Transitiounen a sozial Verännerungen, Ernährungssystemer, alternativ Ekonomien, Kreeslafwirtschaft, Stadpolitik- a planung souwéi vun den Auswierkunge vun der Digitalisatioun. Eist Zil ass et, sozio-ökonomesch, politesch, ekologesch, regulatoresch a sozial Aspekter vun Nohaltegkeet ze ënnersichen. Technologiesch Optimiséierung sinn néideg, ginn awer eleng net duer.

Mir probéieren doriwwer eraus, déi komplex Zesammenhäng tëschent Gesellschaft, Technologie an eiser natierlecher Ëmwelt besser ze verstoen. Dowéinst ass et wichteg, d'Expert*innen aus den Natur- an Ingenieurwëssenschaften, souwéi de Sozial- a Geeschteswëssenschaften mat Fachleit vum Terrain an en Dialog ze bréngen. Esou ass et méiglech, gemeinsam Léisungen ze entwéckelen, déi effektiv agesat kënnen ginn.

Mir sinn eis duerchaus bewusst, wéi eng Suergen déi Jonk hunn a wëssen, dass nach vill Aarbecht op eis duerkënn! Dowéinst begrësse mir, dass d'Lëtzebuerger Schüler*innen a Student*innen hir Stëmm erhiewen a sech dofir asetzen, dass d'Ëmwelt eis voll a ganz Opmierksamkeet kritt.

D'Wëssenschaftler vun der Universitët probéieren, dës Diskussiounen international, national a lokal ze féieren. Aus dësem Grond schaffe mir mat Schoulen zesummen, fir d'Bildung a punkto Nohaltegkeet ze stäerken.

Déi bei *Fridays for Future* engagéiert Jonk si keng Prophete vum Ënnergang. Hir Suerge si berechtegt a begrënnt. Et ass och eist Verständnes, datt eng nohalteg Gesellschaft an de Schutz vu liewenswichtige Systemer an de Beräicher Politik, Wirtschaft a perséinlechtem Liewensstil e radikaalt Ëmdenken erfuerderen. Si hu Recht, wa si e reelle Wiessel fuerderen.

Dësen Text gouf verfaasst vum (alphabetesch Reiefolleg): Constance Carr, Ariane König, Rachel Reckinger, Christian Schulz, Susanne Siebentritt, Norman Teferle,

iwwersat vum Pol Breser, Nathalie Entringer a Peter Gilles,

a gëtt ënnerstëtzt vum: Damilola Adeleye, Arghavan Akbarieh, Fernand Anton, Ali Arababadi, Panagiota Arnou, Susanne Backes, Vishojit Bahadur Thapa, Annette Barnes, Hélène Barthelmebs-Raguin, Tanja Gabriele Baudson (also from March for Science e.V.), Steffen Bechtel, Tom Becker, Iris Behrmann, Philipp Bender, Amelie Bendheim, Josh Berryman, Luisito Bertinelli, Anne Besslich, Jutta Bissinger, Andreas Bock Michelsen, Lorenc Bogoviku, Elouise Botes, Marlène Boura, Michelle Brendel, Pol Breser, Linda Brucher, Jean-Luc Bueb, Reginald Burton, Aurélie Cantoreggi, Geoffrey Caruso, Qiang Chen, Anne Christen, Brice Clocher, Laurence Colin, Joanne Colling, Ulla Connor, Alex Cornelissen, Phillip Dale, Marie-Alix Dalle, Conchita D'Ambrosio, Marleen de Kramer, Sebastien De Landtsheer, Till Dembeck, Angelika Dierolf, Jan-Tobias Doerr, Marlène Duhr, Florian Ehre, Elisabeth Epping, Nathalie Entringer, Helmut Erich Willems, Cíntia Ertel Silva, Estelle Evrard, Marielle Ferreira Silva, Vinicius Jobim Fischer, Katherine Ford, Kathrin Franzen, Sylvie Freyermuth, Zuzana Frkova, Daniela Gierschek, Peter Gilles, Giulio Giorgione, Oliver Glassl, Josip Glaurdic, Alyssa Grecu, Manfred Greger, Max Greisen, Christian Grévisse, Mael Guennou, Claude Haan, Andrea Hake, Andreas Heinen, Jack S. Hale, Miriam-Linnea Hale, Joachim Hansen, Jennifer Hausen, Thierry Heck, Simone Heiderscheid, Dieter Heimböckel, Andreas Heinen, Nicole Hekel, Malte Helfer, Markus Hesse, Paul Heuschling, Paula Hild, Rannveig Edda Hjaltadóttir, Sviatlana Höhn, Frank Hofmann, Kristina Hondrila, Addisu Hunegnaw, Venkata SR Jampani, Catherine Jones, Diane Kapgen, Steve Kass, Nikos Katsikis, Ulrich Keller, Claudine Kirsch, Andrea Klein, Sonja Kmec, Nicole Knoblauch, Maud Kobrissa, Harlan Koff, Helena Korjonen, Charlotte Krämer, Anja Leist, Jessica Levy, Tomer Libal, Nils Löhndorf, Ariana Loff, Alberto Lomuscio, Marei Lunz, Katinka Mangelschots, Sophie Martini, Charles Max, Michele Melchiorre, Christiane Meyers, Anne-Marie Millim, Marianne Milmeister, Simone Mortini, Volker Müller, Claire Muller, Elke Murdock, Nilanjan Nag, Sascha Neumann, Sylvie Nicolay, Birte Nienaber, Christoph Odenbreit, Ivana Paccoud, Claudia Paraschivescu, Anna Pax, Tahereh Pazouki, Ulla Peters, Ralph Petry, Karl Pickar, Isabelle Pigeron, Justin Powell, Jasmin Preis, Karl Pickar, Bo Raber, Omar Ramirez, Rhea Ravenna Sohst, Sandro Reis, Alex Redinger, Monique Reichert, Katharina Rischer, Robert A.P. Reuter, Estela Richter, Benoît Ries, Nathalie Roelens, Catherine Rolvering, Julia Ros Cuéllar, Martin Sacher, Roland Sanctuary, Violetta Schaan, Elisabeth Schaffner-Reckinger, Ariane Scheffer, Claude Scheuer, Michael Scheuern, Kerry Schiel, Benedikt Schmid, Thomas Schmidt, Marie Schneider, Magdalena Schobel, Isabel Sebastian, Kaarel Sikk, Kevin Simoes, Philipp Sonnleitner, Paula Souza, Conrad Spindler, Georges Steffgen, Camilo Suarez, Tiziana Tamborrini, Gerald Taylor Aiken, Sébastien Thiltges, Emilia Toczydlowska, Gian Maria Tore, Katalin Turai, Francesco Viti, Sara Volterrani, Danièle Waldmann, Yufei Wei, Florian Werner, Catherine Wong, Firat Yolacan, Benteng Zou

Dëse Pabeier fir d'Ënnerstëtzung vu *Fridays for Future* ass Deel vu *scientist4future* (fir méi Informatiounen: <https://www.scientists4future.org>).